**Neijoerschried Chamberspresident 09.01.2023**

Léif Membere vum Bureau an der Presidentekonferenz,

Léif Mataarbechterinnen a Mataarbechter hei aus der Chamber, de Fraktiounen, de Sensibilitéiten,

Här Minister fir d'Relatioune mam Parlament,

Här Präsident a Generalsekretär vum Conseil d'Etat,

Här Direkter vum SCL.

Ech begréissen och ganz häerzlech de Mediateur, grad esou wéi den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher an de President vum CET an och d'Direktioun a Mataarbechter vum Zentrum fir politesch Bildung.

Léif Vertrieder vun der Press.

Ech sinn och frou, datt mir haut endlech erëm eng richteg Neijoerschreceptioun kënnen organiséieren, no zwee Joer pandemiebedéngter Online-Versioun.

Wann en neit Joer ufänkt, kann een zeréckkucken, no vir kucken an et kuckt een och, wou een elo steet.

Wou steet eist Parlament haut? Ech ka mat Zouversiicht soen, datt d'Chamber als Institutioun haut méi staark, méi oppen a méi transparent ass wéi jee virdrun.

Méi staark: D'Chamber war den demokrateschen Zentrum vum Land wärend der ganzer Pandemie. Wärend der Kris waren déi parlamentaresch Kontroll- a legislativ Aarbecht, den Dialog an de kriteschen Debat essentiel. Net nëmmen d'Gesondheet goung vir, mee och eis demokratesch Wäerter a Resilienz; dat hate mir vun Ufank un am Bléck an do hu mir och keng Krazerten drukomme gelooss.

D'Chamber ass och staark, well si staark Partner huet, déi u si rattachéiert sinn an op déi si kann zielen. Ech nennen do de Mediateur, den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher an de Centre pour l'égalité de Traitement an natierlech d'Cour des Comptes.

Merci fir Ären Asaz fir Transparenz an d'Rechter vun eise Bierger.

Méi staark och, well de parlamentareschen Dialog mam Bierger oprechterhalen a weider gestäerkt gouf a gëtt. D'Bierger mat an de politesche Prozess abannen, ass eppes, wat der Chamber um Häerz läit. An dat fänkt bei der Jugend un. Ech nennen do déi schonn traditionell Rendez-vousen: den Hearing mam Jugendparlament, de Jugendkonvent an den Zuch vun der Demokratie. An och eise Projet „Meng Chamber“ mam Zentrum fir politesch Bildung, wou elo all Woch op d'mannst eng Schoulklass an d'Chamber kënnt.

De Wëllen, fir aktiv um politesche Liewen an un de politeschen Decisiounen deelzehuelen, ass grouss bei de Leit.

D'Petitioune sinn do e wichtege Pilier a Saache modern Biergerbedeelegung an e gudden Indicateur vun de Suerge vun de Mënschen hei am Land.

Mat den neien Texter vun der Verfassung kënnt e weidert Instrument vun der Biergerbedeelegung dobäi: d'Initiative législative citoyenne. Domat kréien d'Bierger d'Méiglechkeet, selwer e Gesetzestext ze proposéieren.

Biergerbedeelegung hate mir awer och duerch d'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa, wou mir bei d'Leit gaange sinn. An de Klima-Biergerrot ass e weidert innovatiivt demokratescht Instrument vun der Biergerbedeelegung. De Klimawandel bleift weiderhin och fir d'Chamber eng Prioritéit. Sou datt mer allen, mee zemools deene Jonken, eng Zukunft kënne bidden an enger klima- an ëmweltfrëndlecher Welt.

Hautdesdaags ass d'Chamber net méi déi Institutioun, wou d'Bierger just representéiert ginn, mee déi Institutioun, wou se permanent agebonne sinn a matschaffen. Dat mécht net nëmmen d'Chamber als Institutioun méi staark, mee och eis ganz Gesellschaft.

Déi nei Verfassung wäert den 1. Juli a Kraaft trieden.

Da kritt eist Land eng zäitgeméiss Constitutioun vun engem modernen, demokratesche Staat. Si dréit der politescher Realitéit an der Entwécklung vun eiser Gesellschaft Rechnung a gesäit zolidd Garantien a Saache Rechter a Fräiheete vun de Bierger vir.

Méi staark gëtt doduerch och d'Chamber, virun allem bei hirer Missioun vun der Kontroll vun der Regierung.

Wa Lëtzebuerg eng nei Verfassung kritt, sinn et parallel 175 Joer hier, datt Lëtzebuerg seng éischt demokratesch Constitutioun krut. An dëst wäert den 28. Abrëll mat enger Seance académique, engem kulturelle Programm an engem Volleksfest zu Ettelbréck gefeiert ginn, do, wou 1848 de Siège vun der Assemblée constituante war. Et wäert och eng Ausstellung an den Archives nationales sinn an et kënnt eng Publikatioun eraus.

100 Joer ginn et elo, datt d'Gëlle Fra op der Constitutiounsplaz opgeriicht gouf. Dowéinst wëll ech ganz besonnesch d'Erënnerungskultur ervirsträichen, déi mer hei an der Chamber héichhalen. Och 2023 wäerte mer deene gedenken, déi gëschter hei am Land an haut an der Ukrain an op anere Plazen an der Welt hiert Liewe fir d'Fräiheet riskéieren, opferen an, wéinst Haass, verléieren. Genau dowéinst hat d'Chamber virun engem Joer och am ganze Land eng grouss Campagne fir d'Erënnerung un den Holocaust lancéiert.

Dir Dammen an Dir Hären,

D'Chamber gëtt och ëmmer méi transparent: Domat mengen ech net nëmmen déi nei „Déclaration des intérêts financiers“ an den Transparenzregëster. D'lescht Joer sinn och a Saachen Ëffentlechkeetsaarbecht dräi wichteg weider Schrëtt gemaach ginn.

Mir hunn op der enger Säit eise Compte rendu reforméiert. D'Chamberblietchen ass zanter der Rentrée an enger ëmgeännerter an digitaler Form um Internet ze fannen oder via E-Mail ze abonéieren, och nach op Pabeier.

Mir si frou, dass sech scho wäit iwwer 5.000 Leit abonéiert hunn. Sidd Dir et schonn?

Zu enger transparenter Chamber gehéiert op der aner Säit och en zäitgeméissen a liicht zougänglechen Internetsite. Och deen ass zanter der Rentrée am leschten Hierscht online an huet vill Succès.

An, drëttens, huet d’Chamber sech zënter dem Hierscht och eng Open-Data-Politik ginn.

D’Chamber ass op no baussen: Nieft deene ville Visitten, déi mer hunn, wäerten den 22. Abrëll eis Dieren erëm grouss op si fir de Public am Kader vun der „Porte ouverte des Institutions.“

Léif Alleguer,

Och déi parlamentaresch Diplomatie an de parlamentareschen Dialog si fir d'Chamber enorm wichteg. Dat hu mir besonnesch wärend der Pandemie an elo dem Ukrainkrich gesinn.

Mir haten notamment Videokonferenze mam ukrainesche President Volodymyr Zelensky an dem Parlamentspresident Ruslan Stefanchuk an haten déi éischte Vize-Ausseministerin, grad esou wéi d’Vizeparlamentspresidentin aus der Ukrain op Besuch. Doduerch, mee och duerch d’Rees vum President vun eiser aussepolitescher Kommissioun Yves Cruchten op Kiew, krute mir aus éischter Hand wichteg Informatiounen iwwert d'Situatioun.

D’Chamber ënnerstëtzt d’Ukrain wou et hir méiglech ass. Den ukrainesche Fändel bleift sou laang virun der Chamber hänken, bis hoffentlech eng Kéier e gerechte Fridde fonnt gëtt.

D’Chamber huet zejoert des Weidere fënnef EU-Kommissären empfaangen, grad esou wéi d’Presidentin vum Europaparlament Roberta Metsola.

Mir haten och reegelméisseg Entrevuë mat auslännesche Parlamentspresidenten, Regierungsmemberen oder Ambassadeuren. Weider si mir an enger Dosen interparlamentareschen Organisatioune vertrueden.

Am Mee ass d’Fréijoerssessioun vum Natoparlament zu Lëtzebuerg, wou iwwer 300 Parlamentarier aus allen Nato-Memberlänner a Partnerlänner, dorënner och d’Ukrain, wäerte present sinn. Kuerz drop, am Juni, organiséiert d’Chamber d'Konferenz vun de Parlamentspresidente vun de klenge Länner aus Europa.

Och de Kontakt mat der Wëssenschaft ass wichteg fir d’Chamber. Am Mee ass eng grouss Konferenz iwwer „Megatrends“ mam Philip Crowther als Keynotespeaker - nodeems am Mee d’lescht Joer eng Konferenz iwwer d’Relatioun tëschent Wëssenschaft a Politik zesumme mam FNR organiséiert gi war, mam Rangar Yogeshwar als Keynotespeaker.

Dir Dammen an Dir Hären,

Jo, d’Chamber ass méi staark ginn als Institutioun. Eigentlech wëll ech awer net de Message ginn, dass mir eis dofir zefridden op d’Schëller solle klappen. Eis Demokratie gëtt ëmmer erëm virun nei Erausfuerderunge gestallt an dofir bleiwen ech engagéiert, fir déi aktuell Dynamik och weiderhin ze verdéiwen.

Ech sinn - wéi eise Generalsekretär - stolz drop, op engagéiert, dynamesch a kompetent Equippen an der Administratioun kënnen ze zielen.

Ech wëll all de Membere vun der Administration parlementaire dofir e grousse Merci ausdrécken. Ouni Iech hätte mer d’Krise vun de leschte Joren net kéinte stemmen.

Jo, mir liewen an enger Zäit vu Krisen a villen Ännerungen. D’Chamber an hir Administratioun hunn hei all hir Agilitéit, Kompetenz an Ännerungsfäegkeet zu all Moment gewisen a bewisen. Anescht géif dat och net goen.

Léif Alleguer,

Eppes ass duerch all dat awer och ganz kloer ginn: Et ass keng gutt Zäit fir d'Géigner vun der Fräiheet, der Demokratie an eise pluralistesche Wäerter.

Autoritär Approchen, Angschtmaacher an Aschüchterer kréie vun eis net nëmmen eng Fin de non recevoir. Mir stinn op, fir eis pluralistesch Wäerter. D'Demokratie brauch net op der Defensive ze sinn.

Mir kënne selbstbewosst an d'Zukunft kucken, well mer wëssen, dass mer d'Krise wäerte meeschteren.

Mir sinn dowéinst prett, fir eis och 2023 allen Erausfuerderungen ze stellen. An och wann d'Chamber um Enn vun dësem Joer vläicht anescht zesummegesat wäert sinn, mat e puer neie Gesiichter: Dat Fundament, op dat weider gebaut gëtt, ass zolidd.

A mir hunn all dat selwecht Zil: datt et dësem Land esou gutt geet ewéi méiglech.

Och 2023 wäerte mir biergerno, demokratesch, oppen an transparent weiderschaffen.

An um Enn wëll ech Iech alleguer an awer och Äre Familljen nëmmen dat Bescht fir dëst neit Joer wënschen, vill Energie a Satisfaktioun bei der Aarbecht, vill schéi Momenter an der Famill an eng ganz gutt Gesondheet.

Ech soen Iech Merci.

**Neijoerschried Chamberspresident 09.01.2023**

Léif Membere vum Bureau an der Presidentekonferenz,

Léif Mataarbechterinnen a Mataarbechter hei aus der Chamber, de Fraktiounen, de Sensibilitéiten,

Här Minister fir d’Relatioune mam Parlament,

Här Präsident a Generalsekretär vum Conseil d’Etat,

Här Direkter vum SCL.

Ech begréissen och ganz häerzlech de Mediateur, grad esou wéi den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher an de President vum CET an och d’Direktioun a Mataarbechter vum Zentrum fir politesch Bildung.

Léif Vertrieder vun der Press.

Ech sinn och frou, datt mir haut endlech erëm eng richteg Neijoerschreceptioun kënnen organiséieren, no zwee Joer pandemiebedéngter Online-Versioun.

Wann en neit Joer ufänkt, kann een zeréckkucken, no vir kucken an et kuckt een och, wou een elo steet.

Wou steet eist Parlament haut? Ech ka mat Zouversiicht soen, datt d’Chamber als Institutioun haut méi staark, méi oppen a méi transparent ass wéi jee virdrun.

Méi staark: D’Chamber war den demokrateschen Zentrum vum Land wärend der ganzer Pandemie. Wärend der Kris waren déi parlamentaresch Kontroll- a legislativ Aarbecht, den Dialog an de kriteschen Debat essentiel. Net nëmmen d’Gesondheet goung vir, mee och eis demokratesch Wäerter a Resilienz; dat hate mir vun Ufank un am Bléck an do hu mir och keng Krazerten drukomme gelooss.

D’Chamber ass och staark, well si staark Partner huet, déi u si rattachéiert sinn an op déi si kann zielen. Ech nennen do de Mediateur, den Ombudsman fir Kanner a Jugendlecher an de Centre pour l’égalité de Traitement an natierlech d’Cour des Comptes.

Merci fir Ären Asaz fir Transparenz an d’Rechter vun eise Bierger.

Méi staark och, well de parlamentareschen Dialog mam Bierger oprechterhalen a weider gestäerkt gouf a gëtt. D’Bierger mat an de politesche Prozess abannen, ass eppes, wat der Chamber um Häerz läit. An dat fänkt bei der Jugend un. Ech nennen do déi schonn traditionell Rendez-vousen: den Hearing mam Jugendparlament, de Jugendkonvent an den Zuch vun der Demokratie. An och eise Projet „Meng Chamber“ mam Zentrum fir politesch Bildung, wou elo all Woch op d'mannst eng Schoulklass an d’Chamber kënnt.

De Wëllen, fir aktiv um politesche Liewen an un de politeschen Decisiounen deelzehuelen, ass grouss bei de Leit.

D’Petitioune sinn do e wichtege Pilier a Saache modern Biergerbedeelegung an e gudden Indicateur vun de Suerge vun de Mënschen hei am Land.

Mat den neien Texter vun der Verfassung kënnt e weidert Instrument vun der Biergerbedeelegung dobäi: d'Initiative législative citoyenne. Domat kréien d'Bierger d'Méiglechkeet, selwer e Gesetzestext ze proposéieren.

Biergerbedeelegung hate mir awer och duerch d'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa, wou mir bei d'Leit gaange sinn. An de Klima-Biergerrot ass e weidert innovatiivt demokratescht Instrument vun der Biergerbedeelegung. De Klimawandel bleift weiderhin och fir d'Chamber eng Prioritéit. Sou datt mer allen, mee zemools deene Jonken, eng Zukunft kënne bidden an enger klima- an ëmweltfrëndlecher Welt.

Hautdesdaags ass d'Chamber net méi déi Institutioun, wou d'Bierger just representéiert ginn, mee déi Institutioun, wou se permanent agebonne sinn a matschaffen. Dat mécht net nëmmen d'Chamber als Institutioun méi staark, mee och eis ganz Gesellschaft.

Déi nei Verfassung wäert den 1. Juli a Kraaft trieden.

Da kritt eist Land eng zäitgeméiss Constitutioun vun engem modernen, demokratesche Staat. Si dréit der politescher Realitéit an der Entwécklung vun eiser Gesellschaft Rechnung a gesäit zolidd Garantien a Saache Rechter a Fräiheete vun de Bierger vir.

Méi staark gëtt doduerch och d'Chamber, virun allem bei hirer Missioun vun der Kontroll vun der Regierung.

Wa Lëtzebuerg eng nei Verfassung kritt, sinn et parallel 175 Joer hier, datt Lëtzebuerg seng éischt demokratesch Constitutioun krut. An dëst wäert den 28. Abrëll mat enger Seance académique, engem kulturelle Programm an engem Volleksfest zu Ettelbréck gefeiert ginn, do, wou 1848 de Siège vun der Assemblée constituante war. Et wäert och eng Ausstellung an den Archives nationales sinn an et kënnt eng Publikatioun eraus.

100 Joer ginn et elo, datt d'Gëlle Fra op der Constitutiounsplaz opgeriicht gouf. Dowéinst wëll ech ganz besonnesch d'Erënnerungskultur ervirsträichen, déi mer hei an der Chamber héichhalen. Och 2023 wäerte mer deene gedenken, déi gëschter hei am Land an haut an der Ukrain an op anere Plazen an der Welt hiert Liewe fir d'Fräiheet riskéieren, opferen an, wéinst Haass, verléieren. Genau dowéinst hat d'Chamber virun engem Joer och am ganze Land eng grouss Campagne fir d'Erënnerung un den Holocaust lancéiert.

Dir Dammen an Dir Hären,

D'Chamber gëtt och ëmmer méi transparent: Domat mengen ech net nëmmen déi nei „Déclaration des intérêts financiers" an den Transparenzregëster. D'lescht Joer sinn och a Saachen Ëffentlechkeetsaarbecht dräi wichteg weider Schrëtt gemaach ginn.

Mir hunn op der enger Säit eise Compte rendu reforméiert. D'Chamberblietchen ass zanter der Rentrée an enger ëmgeännerter an digitaler Form um Internet ze fannen oder via E-Mail ze abonéieren, och nach op Pabeier.

Mir si frou, dass sech scho wäit iwwer 5.000 Leit abonéiert hunn. Sidd Dir et schonn?

Zu enger transparenter Chamber gehéiert op der aner Säit och en zäitgeméissen a liicht zougänglechen Internetsite. Och deen ass zanter der Rentrée am leschten Hierscht online an huet vill Succès.

An, drëttens, huet d’Chamber sech zënter dem Hierscht och eng Open-Data-Politik ginn.

D’Chamber ass op no baussen: Nieft deene ville Visitten, déi mer hunn, wäerten den 22. Abrëll eis Dieren erëm grouss op si fir de Public am Kader vun der „Porte ouverte des Institutions.“

Léif Alleguer,

Och déi parlamentaresch Diplomatie an de parlamentareschen Dialog si fir d'Chamber enorm wichteg. Dat hu mir besonnesch wärend der Pandemie an elo dem Ukrainkrich gesinn.

Mir haten notamment Videokonferenze mam ukrainesche President Volodymyr Zelensky an dem Parlamentspresident Ruslan Stefanchuk an haten déi éischte Vize-Ausseministerin, grad esou wéi d’Vizeparlamentspresidentin aus der Ukrain op Besuch. Doduerch, mee och duerch d’Rees vum President vun eiser aussepolitescher Kommissioun Yves Cruchten op Kiew, krute mir aus éischter Hand wichteg Informatiounen iwwert d'Situatioun.

D’Chamber ënnerstëtzt d’Ukrain wou et hir méiglech ass. Den ukrainesche Fändel bleift sou laang virun der Chamber hänken, bis hoffentlech eng Kéier e gerechte Fridde fonnt gëtt.

D’Chamber huet zejoert des Weidere fënnef EU-Kommissären empfaangen, grad esou wéi d’Presidentin vum Europaparlament Roberta Metsola.

Mir haten och reegelméisseg Entrevuë mat auslännesche Parlamentspresidenten, Regierungsmemberen oder Ambassadeuren. Weider si mir an enger Dosen interparlamentareschen Organisatioune vertrueden.

Am Mee ass d’Fréijoerssessioun vum Natoparlament zu Lëtzebuerg, wou iwwer 300 Parlamentarier aus allen Nato-Memberlänner a Partnerlänner, dorënner och d’Ukrain, wäerte present sinn. Kuerz drop, am Juni, organiséiert d’Chamber d'Konferenz vun de Parlamentspresidente vun de klenge Länner aus Europa.

Och de Kontakt mat der Wëssenschaft ass wichteg fir d’Chamber. Am Mee ass eng grouss Konferenz iwwer „Megatrends“ mam Philip Crowther als Keynotespeaker - nodeems am Mee d’lescht Joer eng Konferenz iwwer d’Relatioun tëschent Wëssenschaft a Politik zesumme mam FNR organiséiert gi war, mam Rangar Yogeshwar als Keynotespeaker.

Dir Dammen an Dir Hären,

Jo, d’Chamber ass méi staark ginn als Institutioun. Eigentlech wëll ech awer net de Message ginn, dass mir eis dofir zefridden op d’Schëller solle klappen. Eis Demokratie gëtt ëmmer erëm virun nei Erausfuerderunge gestallt an dofir bleiwen ech engagéiert, fir déi aktuell Dynamik och weiderhin ze verdéiwen.

Ech sinn - wéi eise Generalsekretär - stolz drop, op engagéiert, dynamesch a kompetent Equippen an der Administratioun kënnen ze zielen.

Ech wëll all de Membere vun der Administration parlementaire dofir e grousse Merci ausdrécken. Ouni Iech hätte mer d’Krise vun de leschte Joren net kéinte stemmen.

Jo, mir liewen an enger Zäit vu Krisen a villen Ännerungen. D’Chamber an hir Administratioun hunn hei all hir Agilitéit, Kompetenz an Ännerungsfäegkeet zu all Moment gewisen a bewisen. Anescht géif dat och net goen.

Léif Alleguer,

Eppes ass duerch all dat awer och ganz kloer ginn: Et ass keng gutt Zäit fir d'Géigner vun der Fräiheet, der Demokratie an eise pluralistesche Wäerter.

Autoritär Approchen, Angschtmaacher an Aschüchterer kréie vun eis net nëmmen eng Fin de non recevoir. Mir stinn op, fir eis pluralistesch Wäerter. D'Demokratie brauch net op der Defensive ze sinn.

Mir kënne selbstbewosst an d'Zukunft kucken, well mer wëssen, dass mer d'Krise wäerte meeschteren.

Mir sinn dowéinst prett, fir eis och 2023 allen Erausfuerderungen ze stellen. An och wann d'Chamber um Enn vun dësem Joer vläicht anescht zesummegesat wäert sinn, mat e puer neie Gesiichter: Dat Fundament, op dat weider gebaut gëtt, ass zolidd.

A mir hunn all dat selwecht Zil: datt et dësem Land esou gutt geet ewéi méiglech.

Och 2023 wäerte mir biergerno, demokratesch, oppen an transparent weiderschaffen.

An um Enn wëll ech Iech alleguer an awer och Äre Familljen nëmmen dat Bescht fir dëst neit Joer wënschen, vill Energie a Satisfaktioun bei der Aarbecht, vill schéi Momenter an der Famill an eng ganz gutt Gesondheet.

Ech soen Iech Merci.